



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2022

Här President,


Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no kouw et de 16. Juli beim Passage vum Impfbus zu Miersch zu Enkpäss beim Vaccin. Um 15 Auer war keen Impfstoff méi do. Vill Leit, dorënner och vill eeler Persounen, déi deels laang hu misse waarden, konnten dowéinst net geimpft ginn, an dat obwuel d'Regierung zanter Méint den dréngenden Appell un Bevëlkerung riicht, fir se impfen ze loossen. An deem Kontext wollten mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Firwat waren den 16. Juli zu Miersch net genuch Impfdosen am Bus?
- War Miersch en Eenzelfall oder gouf et och schonn bei aner Rendezvouden vum Impfbus net genuch Impfdosen?
  - Wa jo, wat wëll d'Regierung maachen, fir dat bei den nächsten Rendezvouden vum Impfbus genuch Vaccin prett ass, sou dat all Persoun, déi sech wëll impfe loossen, och geimpft ka ginn?
- Wéi vill Leit hunn sech zanter dem Ufank vun der neier Campagne den 19. Abrëll am Impfbus impfen gelooss?

- Wéi vill Leit hunn sech zanter dem 19. Abrëll insgesamt impfen gelooss, respektiv wéi héich ass den Undeel vun de Persounen, déi am Impfbus geimpft goufen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.



**Claude Wiseler**

**Deputéierten**



**Martine Hansen**

**Deputéiert**



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d 'parlamentaresch Fro n°6501 vum 19. Juli 2022 vum der honorabeler Deputéiert Madame Martine Hansen an dem honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler**

Et ass wouer dass den 15. Juli, wou den Impfbus zu Miersch war, net all Leit konnten geimpft ginn déi dëst wollten. Den Haaptgrond dofir war, dass vill méi Leit wéi üblech sech dësen Dag beim Impfbus presentéiert hunn, wat d' maximal Kapazitéiten vum Impfbus dépasséiert huet.

De Bus ass géint 11h30 zu Miersch ukomm a sollt géint 16h00 erëm fortfueren. Wéi géint 15h00 et kloer gouf dass net all Leit kéinten dru kommen, huet d' Equipe just nach eng 20 Leit sur Place behalen an huet deenen aneren recommandéiert sech un den Impfzenter, un e Generalist oder eng Apdikt ze wenden. Am Ganzen goufen den 15. Juli genau 110 Impfungen am Bus gemaach, wat eng ronn 25 Impfungen pro Stonn ass. Dëst ass de Maximum deen mat enger Impfequipe méiglech ass. Zur Infomatioun, eng Equipe besteet normalerweis aus engem Mediziner an zwou Infirmiëren.

De Problem vum Impfbus ass dass d' Leit spontan an ouni Rendez-vous kommen wat eng präzis Planifikatioun onméiglech mécht. Den Avantage ass natierlech dass een eben grad kee Rendez-vous brauch an dass eng Proximitéit vun der Offer besteet, well de Bus sur Place ass. Den Désavantage ass dass een eventuell laang waarde muss, oder am Ausnaamsfall, net dru kënt.

All Impfbus ass équipéiert mat 8 Flaconen Moderna (fir 80 Éischt Dosen, resp. 160 Rappel), 15 Flaconen BioNTech Pfizer (90 Dosen), 3 Flaconen BioNTech Pfizer fir Kanner (30 Dosen), 2 Flaconen Novavax (20 Dosen) and 2 Flaconen Johnson & Johnson (10 Dosen).

Den Impfbus huet och weider Contrainte: de Bus kann z.B. eréischt nom Opgoen vum Impfzentrum fortfueren an muss virum Zoumaachen vum Impfzentrum nees zeréck sinn, well d' Impfdosen moies frësch preparéiert a geluede musse ginn, an d' Reschtdosen och owes erëm korrekt am Impfzenter musse stockéiert ginn. Dëst bréngt deemno mat sech datt d' Zäit wou den Bus sur Place ka sinn fir ze impfen limitéiert ass.

D' Situatioun zu Miersch war exzeptionell, doduerch dass vill Leit op eemol een zweeten Rappel (4. Dosis) wollten kréien. Et gétt de Leit fir e Rappel ugeroden, idealerweis, e Rendez-vous ze huelen am Impfzentrum, beim Generalist oder an der Apdikt. D' Equipe vum Impfbus ass an Zweschenzäit awer mat enger weiderer Infirmière ausgestatt ginn (am Ganzen dann 3 Infirmiëren) fir engem eventuellen Pic vun Demanden besser kënnen Rechnung ze droen.

Zwësch dem 19. Abrëll an dem 20. Juli goufen am ganzen 31.399 Impfungen gemaach, dovun 2.072 am Impfbus. Säit dem Ufank wou den Impfbus besteet goufen 10.800 Impfungen an dësem gemaach.

Lëtzebuerg, den 16. August 2022

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert